**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer, Taina Bofferding, op d'Fro n°3590 vum honorabelen Deputéierten Jeff Engelen zum Sujet "Femmes au sein des conseils d'administration"**

Eng vun de Prioritéite vun der Regierung ass et eng equilibréiert Opdeelung tëschent de Geschlechter an de Verwaltungsréit ze schafen an de Betriber aus dem ëffentleche wéi aus dem private Wirtschaftssecteur.

An deem Kontext ass et wichteg ze ënnersträichen dass d'Regierung schonn an der Vergaangenheet systematesch fir eng equilibréiert Representatioun vu Fraen a Männer um Niveau vun den Entscheedungsorganer an den ëffentlechen Institutiounen an an de Societéiten an deenen de Staat Aktionär ass, agetrueden ass.

Et sinn ënnerschiddlech Mesuren déi zu engem nohaltegen Equiliber tëschent de Geschlechter bäidroen.

D'Frae si staark ënnerrepresentéiert. Sou weisen d'Zuelen déi vum Wirtschaftsministère publizéiert ginn, dass d'Verwaltungsréit vun den ëffentlechen Ariichtungen an deenen de Staat vertrueden ass 41,19 % Fraen zielen, d'Verwaltungsréit vun de Betriber an deenen de Staat vertrueden ass 31,14%.

De Ministère ënnerstëtzt Betriber an hiren Demarchen fir d'Egalitéit an hirer Betribskultur z'integréieren.

Fir dem Argument "mir fanne keng Fraen" entgéintzewierken, ënnerstëtzt d'Regierung zanter Joren d'Plattform "Female Board Pool".

Et handelt sech heibäi em e Netzwierk vu Fraen déi eng Formatioun als Member hunn.

D'Iddi vun dësem Reseau ass de Prozentsaz vu kompetenten an engagéierte Fraen an de Verwaltungsréit vun de Betriber an den ëffentlechen a privaten Institutioune substanziell an d'Luucht ze dreiwen an den Equiliber tëschent Fraen a Männer an de Verwaltungsréit ze erhéijen.

Dëse Projet erméiglecht disponibel Kompetenzen a Capacitéiten siichtbar ze maachen, ee nohaltege Reseau ze schafen, a nei Kontakter opzebauen déi fir de Betrib, respektiv fir d'Institutioun wäertvoll kënne sinn.

De Programm vun den Actions Positives ass sécher och e nennenswäerten Outil deen eng héich Zuel vu Betriber an de leschte Joere begleet huet, fir op fräiwëlleger Basis Moossnamen ze huelen déi den Equiliber tëschent Fraen a Männer an den Entscheedungsgremie verbessere soll.

D'equilibréiert Opdeelung tëschent de Geschlechter an de Verwaltungsréit ass dann och eng vu de ville Mesuren aus dem Nationalen Aktiounsplang fir eng Gläichstellung tëschent de Fraen an de Männer wou d'Regierung nach eng besser Representatioun vun de Geschlechter ustrieft, dank engem Monitoring dee vum Ministère fir Wirtschaft entwéckelt gouf.

Deemno goufen et an den ëffentlechen Ariichtungen op den 1te Januar 2021 299 Posten.

Et gi Persounen déi gläichzäiteg an e puer Verwaltungsréit sëtzen.

Et sinn 130 verschidde Männer déi e Sëtz als Staatsvertrieder a Verwaltungsréit vun ëffentlechen Ariichtungen hunn.

Et sinn 110 verschidde Fraen déi e Sëtz als Staatsvertriederin a Verwaltungsréit vun ëffentlechen Ariichtungen hunn.